

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Et ass scho méi laang gewosst, datt et Problemer gëtt beim Akaf vun Terrainen am Blesdall (Gemeng Tandel) fir d'Vëlospist PC22 vun Dikrech op Veianen z'amenagéieren. Et wier awer duerchaus méiglech schonn en Deelstéck vun dëser Pist ze verwierklechen, an zwar vu Gilsdref bis an d'Selz.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:


- Wou ass dëse Projet de Moment drun? Lait e komplett op Äis oder gëtt d'Planung iwwerschaft?*
- Sinn entre-temps nees Gespréicher mat de betraffene Besëtzer vun Terrainen, déi gebraucht ginn, fir d'Vëlospist vu Gilsdref bis op Fouhren ze verlängeren an da vun do aus un déi al Eisebunnsliin vum „Benny“ unzeschléissen, gefouert ginn? Wa jo, wat sinn d'Konklusiounen?*
- Wéi héich wier de geschate Käschtepunkt, wa sech dëse Projet konkretiséiere géif?“*

Mat déiwem Respekt,

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu



André BAULER
Deputéierten